

Aus der Nazizäit 1940 - 1945

d'Famill Haas-Lobsinger wor eng Aarbechter famill, huet zu Scheffläng an der Ellerstrooss op Numero 90 gewunnt., haten elf (11.) Kanner 2 (zwee Meedercher a 7 siwe Jongen esou wéi 2 zwee gestuewen.) esou dass si an de Krichjoeren nach zu néng (9)Kanner woren. d'Huese Famillgen, de Papp de Batty wéi si allgemeng am Duerf genannt gouwe woren éierlech, roueg Bierger, beléift, geuecht, an haten nëmmen Frënn. Si hun e rouegt friddlecht Liewen gefouert bis zu deem Dag wéi d'Hitler Truppen eist' Ländchen eis Hemecht iwwerfall, vergewaltigt a besat hun, wéi déi Giel, Brong Naziën agenaschtert, wéi Fléi Wanzen Kakelakken festgesat haten sech wéi Bluttsëffer beholl hun, eis mat Veruerdnongen, Liewensmëttelkaarten, fatze Pabeier (RM.) Bezugschäiner wéi de ganze Krom a Knascht geheescht huet an wéi dun eis Kanner, Meedercher, Jongen an den Arbeitsdienst geheit an dienstverpflicht hun eis zu Preise wollte maachen eis Jongen an déi verhaaste Wiermuecht gezwongen hun do wos et eriwuer mat Rou, Fridden a Fräiheet., esou och fir d'Famill Haas, eriwuer, verbäi an aus. Dem Batty seng Fra, séng Kannerwore Lëtzebuerger, Patrioten, Resistenzler vu Kapp bis Fouss vun der éischer Stonn un. Durech hir patriotesch Haltong, hir Resistenz, hu si ënner dem Naziregime schwéier gelidden an fuerchtbares matgemaacht

Der Famill Haas hire Leidenswee.

De Jäng den eelste vun de siewen (7) jongen a séng Fra wore Matgrënnen vun der Widderstandsgrupp R.L.roude Léiw Scheffläng hun zech Jongen (deserteuren) bei gudde Patrioten a Resistenzler ënnerbruecht, hu matgeholléif vill vun hinnen iwwer d'Grenz a Frankräich ze schleisen, dorënner, siwe Fransousen (Kriegsgefaangener) de Jäng gouf verroden an huet mussen an den Ennergrönn, sech dem Zougrëff seitens der Gestapo entzéien, hie wor gesicht , gehetzt, verfollegt a gejot als "Staatsfeind No.1 wegen Beihilfe zur Fahnenflucht und Mitarbeit mit dem Feind." Séng Fra d'Margréit, ass vun der Gestapo, Polizei, Kreisleitung durech d'Millen gedréint gin, huet sech missen der Gestapo stellen goen zum Verhéier., si stong ënner polizeilecher Opsicht.

Fir hir Verdingschter, hir Resistenz, ass Si mat héigen inn an
auslänneschen Auszeechnongen ausgezeechent gin.

De Pier ...

Deen zweete vun de Jongen konnt Preisen, Naziën weder
leiden, hiewen nach droen. De Pier war an de Kommunistesche Kampfgruppen
virbäi, huet mat dem Albert Wingert ALWIRAGE e grouesse Resistenzler
Hand an Hand geschafft, a gouf wéi den Albert am Juli 1942 vun der
Gestapo an Handschelle geluecht a vergaft. Hie wor ugeklot als
"Deutschfeindlich, Preussenhasser, Aufwiegler, Verräter, Saboteur und
Resistenzler." No séngem Verhéier an der Villa Seligmann zou Esch/Uelze
e Verhéier dat mat Faesch, Fouss an Fareschwanz gefouert gouf ass hien
no Hinzert komm e KZ wou esou munnecher Lëtzebuenger sêi Liewen durech
Mäerderhand verluer huet. Séng nächst Statioun wor Dachau, an der Hell
Dachau huet de Pier openeiz erfuer u Leif a Séil ze spiere kritt dass
hien an den Hänn vu Mäenschschënner, Brütten a Mäerder wier, trotz
Brutalitéit, Messhandlong, Tortur hun dës Doutschléier de Pier nët mëll
an nëtt kléng kritt. Hien huet iwwerliewt an 1945 d'Hemecht erëm gesin,
séng Hemecht fir déi hien esou vill gelidden an gestriden huet. De Pier
ass fir séng Resistenz, séng patriotesch Haltong mat héigen inn an
auslänneschen Auszeechnongen geéiert ginn.

De Jos ...

Nodeem de Jos séng f"ennef (5) Joer an der Franséischer
Legioun ausgedéngt hat gouf hien aus der Legioun entlooss, an no
sénger Entloosong koum hien an Tunesien fir vun do aus no Lëtzebuerg
zeréck ze kommen. Dodurech dat Frankräich mat Däischland an Italien
am Krichszoustand woren, wor et nët méiglech no Heem ze kommen. De Jos
hat keng Aarbecht, keen festen Ennerdach a wéineg Geld an der Täsch.
Hie wor an enger schwierereger Situatioun a sollt nach weiderhinn a
Schwiereregkeeten geroden. Bei enger Secherheetskroll gouf hien vun
enger Patrull opgegraf a matgeholl.,

säi Wee féiert an en Internéierongslager, durech eng Organisatioun a
Commissioun sollt hien dann an d'Heemecht zereckgelangen, mat nach
villen Internéierten koum hien no Frankräich + an ass vun Däitscher-
sät an Empfaang geholl gin an am Plaz Heem op Lëtzebuerg huet säi Wee
an é KZ gefouert, and'KZ RASTATT, wou hie bis Juli 1942 inhaftéiert
wor. Dem Jos seng Beschëllegong wor "sie haben Ihr Blut verleugnet, Sie
sind Franzosenfreund, Sie trugen eine französische Uniform, Sie standen
unter Frankreichs Fahne. Luxemburg war von jeher deutsch, ist und bleibt
deutsch. Sie werden umgeschult, dass Sie wissen woher sie abstammen."
En Dag doheem huet Gestapo vun Esch/Uelzecht hien an e Verhéier geholl,
hie gehänselt, verspott, gedierängelt, krüt gedrát mat Doud an Däiwel,
hie wir dëtt, hie wir dat, esou Leit missten ausgemäerzt, ausgerott gin
asw... Dat wore schéin Aussichten an vun do u stong hien ënnert
polizeilescher Opsicht, huet sech vun Zäit zu Zäit misste stellen hien
wor jo fir d'Nazimachthaber "Mensch zweiter Klasse." Mat der Fauscht
an der Täschen engem Graul an Leif géint dës Mënschenschënner huet de Jos
et fäerdeg bruecht dat alles ze iwwerbrécken an ze iwwerliewen., bis
zur Liberatioun.

De Marcel

Dé véierten (4) vun de Jongen, gouf schon ganz fréi
no Däitschland dienstverpflichtet, huet bei dem Referendum mat engem
klaren Nee seng Äntwert gën, ass kenger HJ., kenger VDB oder soss enger
nazistescher Organisatioun bäigetrueden asw., Als Jongen Borscht wor
hien an der Widderstandsgrupp R.L. roude Léiw Scheffléng. No sénger
Dienstverpflichtong huet hie missen an den Arbeitsdienst no der
Verurdenong durech de Gauleiter SIMON (Allgemeine Wehrpflicht) wor de
Marcel e mat deene éischten Lëtzebuurger déi den 18. Oktober 1942 de
Wee (gezwongen) an déi verhaassten Wehrmacht huet musse goen. Trotzdeem
hien eng 100 % Geleënheet hat ze desertéieren ass hie gaangen, mat der
Begrënnong, ech denken u meng Mamm, mäi Papp an méng Gesëchter, déi sollen
nëtt wéint ménger verschlëfft oder ëmmgesidelt gin. Polen war säin
éischten Asatz säi Quartéier, a koum vu Polen aus an de Westwall no
Frankräich mat nach aner lëtzebuurger Komeroden hu si an hien Spionage

gemaacht an hun dat un déi Alliéiert weidergin. Durech e Verréider aus den eegene Reie si si verroden gin an zum Doud durech Erschéissen veruertelt gin. An der zweeter Verhandlong ass de Marcel durech e Mänge un Beweisen an de Prisong kumm, an esou dem Doud entgaangen. Dass et de Preisen un allen Ecken an Ennen un de Pelz gaangen ass, dass sie all Zaldot bluttnéideg gebraucht hun si hien erëmm un d'Front gehäit. Wéi dun den 6. Juli 1944 d'Amerikaner (déi Alliéiert) an der Normandie geland sin., huet de Marcel Fléint fale gelooss de Preisen de Réck gekéiert, sech ofgesat an ass zu den Alliéierten iwwergelaf a sech an hir Reien gemelt. Hien ass an d'Garde PIRON opgeholl gin an do Déngscht gemaach bis hien aus der Garde entlooss gin ass. Wéint séngem Widderstand géint de Nazi, wéint sénger Resistenz a sénger Daperkeet ass hien héisch dékoréiert gin.

De Vicky

De Vicky war e Jong ëmmer frou a lëschteg huet gäre gelaacht, hat nëmme Frënn a Komeroden. d'Gestapo Nazimethoden huet hien als jonke Borscht kenne geléiert an erfuer. Och hien ass der Heemecht trei bliwwen, huet de preiseschen Dreck an Knascht veruecht an nët matgemaach, trotz Dienstverpflichtong, Arbeitsdienst, Lager, Prisong wéi Zuchthaus hu si hien nëtt mëll oder kleng kritt, de Vicky war haart ewéi Goss, zéi wéi Gummi zu gudder lescht hu si de gudde Jong an déi verhaasste Wiermuecht gepresst, gezwongen hien forcéiert d'preiseche Frack unzedoen. No kuerzem Opentalt an der Kasär zu Wiesbaden ass de Vicky ugedréckt, desertéiert a verschwonn., no kuerzer Zäit hu si hien gestalt, verhaft an zeréck an d'Kasäre bruecht. D'Preisen hun kurze Prozess gemaach de Vicky an Strofkolonn ganz vir un d'Front gehäit, do huet de Vicky et getraff, a séngem jonken Liewen en Enn gemaach, de Vicky huet wäit vun der Heemecht musse säi Liewe loossen ouni Papp, Mamm d'Heemecht erëmm ze gesin. Hien huet sei Jonkt Liewen ausgehaucht an ass verblutt durech e Land dat vu Verréider, Sadisten, Mäerder gefouert an geleed gin ass. Mat dem Titel als Resistenzler, mat dem Titel MORT pour la Patrie ass de Vicky Haas an d'Geschicht vu Lëtzebuerg agaangen a veréiwegt gin.

De Raymond an den Edmond, si woren déi zwée jéngst
vun deene siewe Jongen et woren nach Bouwen trotz zéch Opfuerderonge
seitens den Obmänner vun der Hitlerjugend de HJ bäizetrieden hun
déi zwéi Bouwen mat neen geäntw"ert dat ass och duer gaangen datt si
zwéin e kräftegen hannebäi an bei d'Ouer kritt hun. Wéi d'Famillgen
HAAS Deserteuren an Franzousen ënnerdach haten hun déi zwéi Bouwen op
gepasst a Wuecht gehalten dass jo n"emmen n"aischt soll viärkommen
an n"aischt soll gescheien .Wéi seet e l"etzebuergesch Spr"echwuert,
den Apel fällt n"et w"ait vu séngem Stamm.

d'Meedercher Julie a Léonie.

Niewent deene siewen (7) Jongen hat d'Famill HAAS nach déi
zwee Meedercher d'Julie an d'Léonie, och si haten d'Preise gefriess ,
si konnten Nazien weder richen nach gesin.Och si hun sech n"ett
ennerkréien gelooss,wollten n"aischt mat WHW,BDM,VDB ze dinn hun si
woren n"ett fir "Heim ins Reich., hiirt H"erz huet geschloe fir
Fräiheet, Recht a Fridden.Si wollte bleiwe wat si sin.d.h. L"etze-
buerger.Wéi Papp a Mamm/ Ges"echter hu si matb"ai gedro"en fir ze
h"ellefen wou Nout a Leed wor,si hun Geld,Liewensm"ettel an Tick"een ,
derzob"ai gedroe fir dee Famillgen ze h"ellefen an déi ze "nnest"etzen,
wou den Ernierer de Papp oder d'Mamm, de Mann am KZ, oder Prisong
soutzob"ai woren déi "ngesidelt a Russesch Emigranten n"et vergiess.

De Batty HAAS an séng Fra d'Marie,mat hiren 9 néng Kanner
hun duurch hir Resistenz,hir Trei zu Heemecht,Kroun an Glaf huet
d'Famillgen HAAS e grouse Bluttzoll bezuelt a séier grouss Affer
bruecht.Si stongen "nnert der Nazifuchtel an haten "nnert dem Hitler-
regime ze leiden, haten all déi Joere Mis"ere, Leed an Onheel.Trotz
alldem huet de P"ere HAAS a seng Fra Marie hir H"ellef kengem versot,
huet Jongen déi desertéiert woren, Franseich Krichsgefaangener
"nnerdach geholl, hun hir Dir opgemaacht,huet desen oder deen ongl"eck-
lech Gejoten a Gehetzten "nnerdach geholl, e Bett fir ze schlofe gin,
si gepflegt,gehegt,bek"schtegt si versuert wéi wann et hir eege
Kanner w"aren.

D'Famillge HAAS - LOBSINGER war eng Arbeiterfamill
huet sech der Decken no misse strecken, huet dat wéinegt wat si haten
vun Häerzen matgin, Si hun nëtt gefrot wie bass Du, bass du rout, blo
oder schwaarz, wou kënns du hir, bass du arem oder räich, d'Famill BATTY
huet dat alles onentgeltlech gemaach, keng Bezuelong a kee Merci wollte
si, Si alleguer de Papp, d'Mamm and'Kanner woren mat Leif a Séil mat
Häerz durech an durech fir eng Heemecht fir e glécklecht a fräit
Lëtzebuerg nimols wäre si Nazië oder Preise gin si wollte bleiwe
wat si sin Lëtzebuerger. Hir Devise wor, léiwer doud wéi als Preis.,
léiwer ried stiewen wéi gebéckt ënner de Preisen liewen.

.....